N°866
Entrée le 07.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.06.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg ginn d'Resultater vun den EU-Walen eréischt Sonndes Owes, den 9. Juni um 23:00 Auer publizéiert, fir Récksiicht op all déi Memberlänner ze huelen, wou d'Walbüroe réischt zu där spéider Stonn zoumaachen. Fir d'Kandidaten an all déi, déi si ënnerstëtzen, bedeit et eng zousätzlech psychologesch Belaaschtung, wärend interesséiert Bierger kaum eng Méiglechkeet hunn, sech fundéiert mam Thema ze beschäftegen.

Trotzdeem goufen an Holland, wou e puer Deeg éischter gewielt gouf, wéi an deene meeschten anere Länner elo schonn Héichrechnunge verkënnegt, déi och an der internationaler Press gedeelt goufen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Staatsminister gär dës **dréngend** Froe stellen:

1) War den Här Staatsminister am Viraus iwwert déi hollännesch Decisioun informéiert? Falls net, firwat net?
2) Op wéi engem gemeinsamen Accord berout déi Decisioun, déi national Walresultater eréischt Owes um 23:00 Auer ze publizéieren? Huet Holland deen Accord mat ënnerschriwwen? Wéi eng Sanktioune si virgesinn, fir de Fall, datt e Memberstaat sech net un deen Accord hält?
3) Op wéi eng Manéier ass séchergestallt, datt weider Tëschefäll wéi an Holland bis zum 9. Juni verhënnert ginn?
4) Wëll den Här Staatsminister weider u senger Decisioun festhalen, d'Resultater eréischt vun 23:00 Auer un ze publizéieren? Falls jo, gesäit hien doran net eng Ongläichbehandlung vun de Lëtzebuerger Bierger vis-à-vis vun anere Memberlänner?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°866
Entrée le 12.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op die drenglech parlamentaresch Fro n° 866 vum 7. Juni 2024 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup.**

D 'Regierung respektéiert déi geltend EU-Reegelen (den Artikel 10, Paragraphe 2, vum Akt vun 1976) déi soen dass d' Memberstaten hir Walresultater net offiziell public dierfe maachen esoulaang an dem Memberstat wou als läscht nach gewielt gëtt d' Walbüroen net zou sinn.

Well an Italien d' Walbüroen em 23:00 Auer zou maachen ass dat d' Referenz un déi sech gehal gëtt.

An anere Länner goufen och keng Resultater publizéiert, mee Sondagen ("sondages sortis des urnes") déi vu privaten Instituter gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2024

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN